LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse du ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, à la question parlementaire n°4616 du 13 août 2026 de l'honorable député Marc Goergen au sujet de l'Obligation de recourir à un électricien agréé pour les installations photovoltaïques et bornes de recharge**

**1. Kann d'Regierung präziséieren, wéi eng Aarbechten eng Privatpersoun an hirer eegener elektrescher Installatioun selwer dierf maachen, a wéi eng Aarbechten exklusiv engem agrééierten Elektriker virbehale sinn?**

All elektresch Installatioune mussen zu Lëtzebuerg no de gültege Sécherheetsvirschrëften gebaut a bedriwwe ginn. Dës Ufuerderungen déngen dem Schutz vu Persounen a Saache souwéi der Sécherheet an der Zouverlässegkeet vum Stroumnetz.
Dës Aarbechten un elektreschen Anlagen erfuerderen déi néideg fachlech Kompetenzen, fir datt dës sécher ausgefouert kënne ginn an den uschléissende Betrib keng Risiken duerstellt.

Déi technesch Ufuerderunge fir den Uschloss un den ëffentleche Stroumreseau sinn an den techneschen Uschlossbedéngunge (TAB) festgeluecht, déi vum ILR op Basis vum Stroummarchésgesetz approuvéiert ginn. Dës Bestëmmungen definéieren ënnert anerem d'Rechter an d'Obligatioune vun de Netzbedreiwer, Installateuren, Planer a Netznotzer. Aus dëse Grënn mussen och Solaranlagen an Opluedstatioune fir Elektroautoen no dëse gültege Reegelen installéiert ginn.

Den Uschloss vun enger Solaranlag mat enger Leeschtung vun iwwer 800 Watt oder enger Borne mat enger Leeschtung ab 7 kW un den ëffentleche Stroumreseau muss vun engem Betrib duerchgefouert ginn, deen eng "Autorisation d'établissement" als Elektriker huet, déi vum Wirtschaftsministère ausgestallt gëtt. Dës Autorisatioun zertifizéiert ënnert anerem déi erfuerderlech fachlech Qualifikatiounen an déi berufflech Honorabilitéit. Eng Lëscht vun allen agreéierte Betriber an Elektriker kann um Internetsite vun der "Fédération du Génie Technique" consultéiert ginn.

**2. Firwat muss een agrééierten Service nach eng Kéier vum engem weideren staatlechen Kontrollmechanismus kontrolléiert ginn? Ass den Agrément dann iwwerhaapt seng Qualifikatiounen wäert?**

Wéi schonn an der éischter Äntwert beschriwwe gouf, muss d'Installatioun vun enger Solaranlag oder enger Borne vun engem qualifizéierten Installateur mat engem "Droit d'établissement" beim zoustännegen Netzbedreiwer ugemellt ginn. Fir déi ganz Uschlossprozedur vu Solaranlagen a Bornen ze vereinfachen an ze beschleunegen, gouf d'Applikatioun "SmartyPRO" agefouert. Dës App riicht sech u professionell Elektriker an huet als Zil, déi physesch Kontroll vun der Installatioun duerch Agente vun de Netzbedreiwer duerch eng digital Dokumentatioun ze ersetzen. Den Installateur dokumentéiert d'Installatioun iwwert d'App mat Hëllef vu Fotoen, techneschen Donnéeën an engem Rapport. Dës Informatioune ginn direkt un de Netzbedreiwer iwwermëttelt, deen op dëser Basis d'Konformitéit vun der Installatioun mat den techneschen Ufuerderunge kontrolléiert. D'Digitaliséierung vum Uschlossprozess erméiglecht et, d'Prozeduren ze

vereinfachen, d'Unzuel vun de Rendez-vous'en op der Plaz ze reduzéieren an d'Delaie fir d'Clienten ze verkierzen.

Eng zousätzlech Ofnam oder Iwwerpréiwung vun engem onofhängege Kontrollorganismus, ofgesi vum Netzbedreiwer, ass weder fir Bornen nach fir Solaranlagen eng Obligatioun.

**3. Wäert d'Regierung zu Lëtzebuerg e Modell aféiren, bei deem och Privatpersounen mat den néidege Kompetenze verschidden Aarbechte selwer maachen dierfen, ënner der Konditioun vun enger obligatorescher onofhängeger technescher Kontroll virun der Mise en service?**

Den Uschloss vun enger Bornen ab 7 kW, respektiv vun enger Solaranlag iwwert 800 Watt, stellt e wesentlechen Agrëff an d'Betribsverhale vun der elektrescher Installatioun vum Client duer, sou datt, laut den aktuell gëltegen TABen, Aarbechten un elektreschen Installatiounen ausschliisslech vun engem zougeloossenen Elektriker ausgefouert däerfe ginn. Den aktuelle regulatoresche Kader suergt fir déi noutwenneg a sënnvoll Sécherheet am Beräich vun deenen elektreschen Installatiounen, esou dass net geplangt ass, dësen ze änneren.

Prinzipiell ass et méiglech datt eng Privatpersoun mat de néidege Kompetenze an ënnert senger eegener Responsabilitéit verschidden Aarbechten, ewéi zum Beispill de Montage vun de Panneaue vun der Solaranlag um Daach, selwer realiséiert. Allerdéngs muss d'Anlag virun der Mise en service an dem Uschloss un den ëffentleche Stroumreseau ëmmer vun engem zougeloossenen Installateur vum Netzbedreiwer dokumentéiert an ofgeholl ginn. Bei Aarbechten déi een selwer um Daach mécht gëllt et awer och ze consideréieren, datt eventuell nach bestoend Garantien z.B. vum Daachdecker hir Gültegkeet verléiere kéinten. Doriwwer eraus ass och ze berécksiichtegen, datt eng Privatpersoun, och wann si iwwer déi néideg technesch Kompetenzen a Kenntnisser verfüügt, net onbedéngt Zougang zu de jeeweils gëltegen techneschen Normen an Ufuerderungen (DIN VDE, CENELEC, IEC, ITM, AAA, asw.) huet.

Luxembourg, le 10/09/2026
Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme
(s.) Lex Delles